

Chröschtköndchen. Chrösdtsteckelchen f. d' Wichtelcher. *Waltfische*

Perso'nen:

Wa me'glech d' ganz Ronde, dovun:  
d' Nelly, d' Lisy, d' Yvonne, d' M-Jeanne, } Wichtelcher  
d' M-Louise, d' Martchen, d' Anny an } de'  
d' Berthy. } ze schwätzen hun.  
d' Cheftaine,  
eng Guiden C.P.  
Margritt, Dengschtmédchen.

D' Steck spillt an der e'schter Versammlong no Chröscht d'äg. D' Bühn stellt de Sall dur. D' Kanner sötzen em d' Cheftaine.)

1. Szén, Cheftaine, Kanner

Cheftaine: Wichtelcher, wie vun iéch kann mir dann nach de' Geschick erzielen, vun der léschter Versammlong? - Sie hát iéch jo all eso' gutt gefall.

Lisy (streckt de Fanger): Ech, Cheftaine!

Cheft: Dajé, da fänk du emol un Lisy!

Lisy (zaghaft): We' de le'we Jesus op Chröscht d'äg erem op d' Welt eröfko'm, dù ass hién net nömnen an d' Schlässer an an d' Villac: vun déne Reiche komm, mä hién ass och bei de' ganz arm komm - an dù - (stockt) an dù --

Yvonne (streckt de Fanger): Ech! Ech!

Cheft: Da fuhr du virun Yvonne.

Yvonne: Op sengem Wé ass d' Chröscht köndchen och bei a ganz arme-se'legt Heische komm. Dodran huet eng arme Wittfra gewunnt mat hir 5 Kanner. An de' waren arem - oh eso' arem !! - iwerall war alles voller Fréd....

Cheft: Du hues eppes vergiëss. - We' waren d' Kanner vun der Wittfra!

Yvonne: D' Kanner ware gutt geart, an sie hun hirer Mamm vill Fréd gemacht, vum Niki, dém Jengsten ugefängen bis zum élsten, dém lo jähregen Nelly.

Martchen (halefhart zur Nôpesch): Dät passt jo gené op Nehrings-Nelly. Dem seng Mama ass och arem Wittfra.

(Cheft: (verwisend): Martchen, hál de Mond. M-Jeanne, erzipd vu virun.

M. Jeanne: An all Haus war Fréd a Jubel, námnen am Heischen vun der armer Wittfra net. D' Mamm war ganz traureg, weil sie hire Könnercher neischt konnt gin.

Cheft: A we' hun de' sech bedroen, M. Louise?

M. Louise: Sie hun daks zur Fönster aus gekuckt op d' Chröscht köndchen dann nach net bál ke'm. - 't ass schon deischer gin, - an den Nôpeschheiser hun d' Chröschtbém scho gebrannt. (Gekicher vun dénen Äneren)

Cheft: D' Chröschtbém sto'ngen dach net a Flammen? - Wie kann dät richtig soen?

Anny: Schon hun d' Lichter un de Chröschtbém geblönnert.

Cheft: Dät klengt schon e we'neg besser.

Anny: Ganz traureg ass d' Nelly mat senge Geschwöster schlöfe gänge... An der Nuecht hát hatt de wonnersche'nen Drâm.

Cheft: De Schluss erzielt d' Berthy eis.

Berthy: Hatt huet gedrémt, d' Chröscht köndchen ke'm mat göllene Flil-ken, emgin mat villen Engelcher, mat engem gro'ssen, sche'n-gerösten Bémchen an sei klang armt Zömmer. - A we' d' Nelly opgestö-nen ass, huet hatt gesin, datt et kén Drâm war; well op dem Dösc sto'ng e sche'ne Chröschtbémchen, önnerdém lo'gen de' sche'nste Geschenker. Voll Entzecken hun och dem Nelly seng Geschwöster gesin datt d' Chröscht köndchen bei hinnen ageke'ert war, an sie ware voller Fréd an hun dem Herrgott villmos Merci gesöt.

Martchen (ganz begéschtert): Ass dät eng sche'n Geschichte!!

Anny: Cheftaine, surgt d' Chröscht köndchen fir d' Mönchen all?

Cheftaine: Fir s'all! 't werdt wuel kaum en Haus gin, an dät hatt, op Chröscht d'äg net ake'ert mat senge Geschenker. Dir huet et dach all sélwer erfuhr? (Nelly zeckt zesammen) Oder net?

Verschiedenere: Oh jo!

Anerer: Oh, 't huet esi eso' sche'n Sâche bruecht!

Anny: Mir huet et gro'ss Popp bruecht, mat bloen Aen a blondem Hohrganz krauseleg - an sie kann ganz deitlech Mamma a Pappa säen.

Lisy (liéweg) A mir, eng vollstándeg Kichenaríchtong, an dér ech scho allerhand gutt Sâche gekacht hun.

Yvonne (se'er) A mir huet et e sche'nt. deckt Märchenbuch bruecht. do

sin emol sche'n Geschichten a Biller dran!

M. Jeanne: a mir...

Cheftaine (Önnerbrecht): Da sit och elo stöll, dir Bebbleschen. Dät könnt dir mir derno alles erzielen. - Elo sange mir nech e Liddchen an da gitt dir e we'neg an den Haff spillen.

Pur: Get Cheftaine, mir sungen: O Tannenbaum!

Anerer: Jo Cheftaine, dät gefällt eis um bèschten.

Cheftaine: Mengetwegen. (Sangen) O Tannenbaum.....)

Cheftaine (no'm sungen): Eso' Kanner, da gitt elo an den Haff spillen. Sit awer brav, a mächt net zevill Radau. (all ôf bis op Nelly, Lisy, Yvonne, M. Jeanne, M-Louise, Martchen, Anny, Berthy)

2, Szén,

(D'Nelly bleiwt op senger Plätz sötzen, de' âner drängen sech em d'Cheftaine- de' d'Nelly net bemërkt)

Cheft: Wöllt dir dann net an den Haff spille goen?

Lidy (komesch-wichtig): Mir müssen der Cheftaine dach nach gené erzielen wät d'Chröschtköndchen eis bruecht huet.

Yvonne (virworfvoll): Du hues jo schon alles erzielt, elo kommen ech emol.

M. Jeanne (se'er): Nén, ech!

Martchen (drängt sech erbei, schméchelnd): Nén, ech! Mech huet d'Cheftaine am le'vsten!

Cheftaine (lächelt): Mengs de? - Du häls dech fir ausserordentlech brav. - Iwregens wés ech jo schon wat d'Chröschtköndchem dem Lisy an dem Yvonne bruecht huet.

Lisy: Awer bei weitem nach net alles.

M. Jeanne: Ech hun och e Bémche kritt... (weist) eso' e gro'ssen!

Yvonne: Mei Bémchen ass bäl eso' gro'ss we' d'Cheftaine!

Martchen (ass se'er op e Stull geklommen, streckt d' riéchts Hand an d'Lúcht): A mein récht bäl bis un de Plafong.

Cheft: (éscht): Awer Martchen! Wät héscht dät do? Passt dät sech fir e Wichtelchen? Elo se'er erof! (De' âner kicheren, Martchen schummt sech a klömmt erof)

M. Louise: D'Aescht vun eisem Bémchen ware ganz mat Gold a Sölwer emspinnen...

Berthy (se'er): An un eisem ho'ngen vergöldt a versölwerten Nöss a bronge Liéwkuch.

Martchen (liéweg): Bei eis och. An uewen op der Spötzt war nach e sche'ne Chröscht-dägsengel.

Pur: Op eisem Bémchen och!

Cheft: Mä 't schengt jo datt dir allegur de' sche'nste Sâche kritt huet.

all Oh jo!

M. Louise: D'Jesusköndchen ass eso' le'f! eso' gutt!

Cheftaine (Geseit elo ere'scht d'Nelly, dâ verlöss an traureg op senger Plätz sötzt): Nelly, wät gesin ech? Wät ass mat dir? Du sonders dech vun dénen âneré Wichtelcher of. - Komm, erziél mat wät d'Chröschtköndchen dir bruecht huet.

Nelly (sét neischt, 't zuckt him em de Mond, kann nömme mat viller Me' d'Kreischen zreck hâlen.):

Cheftaine (le'f): Komm dach, kleng Maus, du hues Léd, komm, vertrau mir et un.

Nelly (ass nach ömmer dem kreischen noh)

Cheftaine: Komm dach, Kand, so mir wät dech dréckt!

Nelly (gét mat schwankendem Schrött bei d'Cheftaine, verstoppt sech an hirem Scho'ss)

Cheft (beckt sech zo' him erof, streichelt him d'Hohr, we' eng Mamm) Ass d'Chröschtköndchen vleicht net bei dech komm? - Du äntwerts net? - Also, huet et dech wirklech vergiëss?

Nelly (kuckt op, wenkt ma'm Kapp, brecht dann an en heftegt Schluchsen aus. - De' âner kucke schei op d'Nelly) - (Kurz Paus.) -

M. Louise (klenglaut): Ech hu gemét d'Jesusköndchen ke'm op Chröscht-däg an, all Haus?

M. Jeanne (e we'neg schüchtern): D'Cheftaine huet och eso' gesôt.

Martchen: Ech hätt dach gemént d'Nelly ge'f bestömmt net vergiëss gin.

Lisy: Jo, well d'Nelly ass dach eso' le'f a brav!

Yvonne: 't ass ként önnert eis dät hatt net gâr hätt.

Berthy (zur Cheftaine): Cheftaine, wurfir huet d'Chröschtköndchen grad d'Nelly iwersinn?

Cheftaine (e we'neg verléen): 't ass him an senger Zerstréthét passe'ert.

Martchen: Ass d'Chröschtköndchen dann och zerstrét?

Cheftaine (Zögenrd): 't könnt wuel séle vir, mä munechmol kann et dach

alt gesche'hen.(lebhaft):Dir macht iech gur ké Bild vun dèr  
Riesenarbecht,de' d'Jesusköndchen dén Däg ze erledegen huet.  
Tráp op Tráp ôf muss hatt an dausend an namál dausend Wunechten  
belueden mat déne verschiddenste Sâchen.Dén én hátt gär det,de'  
âneren dât,a jidderén soll befriddegt gin.Ké Wonner also wann  
hatt hei ans do ganz durcherén könn't.

Berthy:Dât gléwen ech wuel, awer d'Nelly hátt hatt dach net solle  
vergiessen.

Lisy:'t gét dach eso' gère bei de' arm Wittfrâen.

Martchen:Eso' stét dach an eisem Liésbuch.

Yvonne:Jo, an dât le't net.

M.Louise:G,ad eso' we'neg we' eis Cheftaine!

Cheft:(tre'schtend zum Nelly,dât opgehâlen huet mat kreischen):

Tre'scht dech mei Kand!Wann d'Chröschtköndchen am Himmel,an  
sengem göllene Buch noschle't,an op émol geseit datt eist brâvt  
Nelly verhiéss gin ass,gléw mir et,dann dét dât him schreckleu  
léd,a wié wés op hatt sei Vergiessen net nach gutt mecht?

Martchen:Oh, jo, dât wönsche mir all.

M.Jeanne:An dât mecht d'Jesusköndchen och ganz bestömm't.

### 3.Szén Vireg,P.C.

P.C.:Pardon, wann ech ste'eren, awer meng Patruleversammlung ass  
aus a meng Kanner sin hém,durfir wollt ech nach e 'weneg' bei  
d'Wichtelcher kommen.

Cheft:O, du ste'ers gur net. D'Kanner hu mir nömme vu Chröschtâg  
erziélt.(De' 2 schwätze lues matenén,iwerdém sin d'Kanner em  
d'Nelly)

Lisy(matlédeg):Kreisch net me'.Nelly,du kriss och meng Schmier!

Nelly(wihrt of):Nén, iéss du se selwer.

Berthy(weist en Apel):Wölls du kén Apel?

M.Jeanne:An de' göllen Nöss hei kriss du och!

M.Louise(se'er):A vu mir kriss du e Steck Liéwkuch!

Martchen(grad eso'):Ech schenken dir en neie Gummi!

Yvonne:An ech e sche'ne Bleistöfft!

Anny(triumphe'ert):Eweg do! Dât sche'nst kritt d'Nelly vu mir, e  
sche'ne Chröschtâgsengelchen!

Nelly:Dir sit eso' gutt ge'nt mech,mä ech wöll iech net èr Sachon  
eweghuelen.

Lisy:Du muss et unhuelen.

All(bis op Lisy an Nelly): Jo,Nelly, du muss!

Cheftaine(könn't me' no):Schummt iech dach!Dir vollfe'ert jo en Héd  
spektakel.

C.P.:Löss se dach nömmen,d'Kanner sin nach a Chröschtâgsstömmong.  
Ech hun dât och genug erfuhr a menger Patroll.

Cheft(zo' de Kanner):Lösst d'Nelly mat Roh! Wât huet dir mat him?

Berthy:Mir wöllen him eppes vun dém gin,wat d'Chröschtköndchen eis  
bruecht huet. An hatt wöllt neischt unhuelen.

Cheftaine:Dir dârf't him neischt opzwangen.Gitt le'wer ma'm Nelly  
aus an den Haff a spillt mat him,da vergösst et sei Léd.

e Pur:Jo, dât mache mir.

Anerer:Komm Nelly! (Fe'eren et ôf)

### 4.Szén Cheftaine an C.P.

C.P.:Wât félt dém Kand?

Cheft:'t ass eng traureg Geschicht.- 't Nelly ass jo é vu menge  
brävste Wichtelcher.Du kenns seng Mamm jo, eng arme Wittfrâ  
5 Kanner,de' sech an hir Kanner durch Handarbechten ganz arm  
durch d'Liéwe schle't.

C.P.:E bedauernswert Lo's.

Cheft:Vir e pur Me'nt ass d'Mamm och nach krank gin,a könn't net me'  
schaffen.Datt hir Kanner kén Honger leide sollten ass é Steck  
Miwel no'm âneren,vu dém We'negen wât sie hât, zu Geld gemacht  
gin.

C.P.:Mä wurfir huet sie sech dann net un d'Caritas gewândt?

Cheft:Sie huet sech secher geschummt,well sie huet fre'er besser  
Dég kannt.

C.P.:t bleiwt ömmer wo'er.De' je'neg,dénen én d'Armut un de Kléder  
an um ganzen Aeusseren ôfgeseit,sin kangeswegs de' Aermst.

Cheft:Ech si ganz dersèlwegter Ménong. - Ere'scht kurz virü Chrösch-  
dâg sin ech de' gro'ss No't vum Nelly senger Famill gewuhr gin.

Grad dén Däg hun ech d'Mme.Grosber besicht,dèr hirt Milly,an der  
Wichtelchersversammlung gefélt huet, weil et sollt krank sin.

C.P.:D'Mme.Grosber ass dach als Mamm vun dénen Armen bekannt.

Cheft:Dât hun ech wuel gewusst durfir hun ech hir och de Misär vun

der ärmer Wittfra geschildert. Ganz gere'ert huet d'Mme. Grosber versprach, der Aermster, mat hire Könnercher, op Chröschttdäg eng Fréd ze machen. - An ewell...

C.P. (fällt an): ...huet sie et vergiëss?

Cheft: Allerdengs. Däch dat huet sei Grond, we' ech haut ere'scht erfuhr hun. Well ech war an der Chröschtwakanz a menger Familie. Ech sin ere'scht geschter erem komm. Dem Milly Grosber seng Krankhét huet grad op Chröschttdäg eso' z'ogeholl, datt den Dr. dat Schlömmst profezent huet.

C.P.: Da le'sst et sech erklären, datt d'Mme. Grosber hir Verspriéche vergiëss huet.

Cheft: Hätt ech et blo's fre'er gewosst, ech hätt dénen Aermsten, mat mengem arme Möttel, fir Chröschttdäg gèr eng Fréd gemacht. - Watt e battert We' muss dach durch eng Kannerse'l ze'hen, wann an sengem Héim, dat sche'nst, dat frédegst, dat se'legst vun alle Fester ké Frédeschimmer dre't. Fir 't allere'scht spirt hatt de Fluch vun der Armut, an op seng Löpsen drängt, sech de' vir-worfsvoll Frô: Könnt den Herrgott haut net me', we' démols, bei de' Arm, de' Verlössen?

C.P. (Matlédeg): Dat armt Nelly! (Äneren To'n): Huet et dir seng No't geklôt?

Cheft: Nén, ech hun et un sengem Behuelen erröden.

C.P.: Huet et sech dann ewell getre'scht?

Cheft: 't huet eso' geschenkt. Mä, de Stachel vun der Batterkét bleiwt dach an sengem Héiz.

C.P.: Ech kann mech ganz licht an seng Läg versetzen. We' daks werdt seng Mamm him wuel gesöt hun: Nelly, siéf brav, folleg gutt, da brengt d'Chröschtkündchen dir och eppes Sche'nts. - An elo... ass et dach lanscht hir Dir gängen.

Cheft: Haut, we' de' äner Wichtelcher, a frédeger Oprégong erziélt hun Watt d'Chröschtkündchen hinnen alles bruecht huet, dù ass d' Gre'sst vun sengem Elend him ere'scht richtig virun d'Aen komm. De' äner Kanner konnte gur net verstoen, wurfir grad d'Nelly eso' stiefmütterlech behandelt gin ass. Ech hu gesicht d'Säch als e Vergiessen vun Chröschtkündchen hinzustellen. Dach ech si fest entschloss, dém gudde Kand haut nach eng Chröschttdägsfréd ze verschaffen. Wann ech nömme we'sst wo' ech e Chröschtbénchen fanne könnt.

C.P.: Aus der No't kann ech dir hëllefèn. - Meng Patrull huet mech mat engem sche'ne Béméchen iwerrascht, dé stét nach an eisem Sall. - Mat Fréden gin ech dem Nelly en.

Cheft: Gott sei Dank! Dat fündt sech jo gutt.

C.P.: Ech gin e gleich sichen! (of)

#### 5. Szén Cheftaine eleng

Cheft (gét an de Scháf): E Pur Klenggekéten hun ech allerdengs bei der Hand, de' dèr ärmer Frä an hire Kanner bestömat Fréd machen. - Hei dat sche'nt Billerbuch get secher vun Nells gutt opgeholl a versurgt. - Elei sin ech nach e Pur Hefter, Bleistöften fir d'Geschwöster. - Ei, elo famnen ech jo och nach eng Spurbeks. (dre't d'Sächen op den Dösch, hölt e 50 frang-Schain aus der Täschen) Ech hu wuel sëlwer net vill - Mä, den armen hëllef nach gèr déne Me'-Armen. - (schreiwt op e Blät) E Cadeau vun Chröschtkündchen fir d'Mme. Nehring, datt sie sech eppes kräfteges kâfe kann! (lét dé Schein an den Ziédel an d'Spurbeks) - 't ass zwar net vill watt ech bidde kann, awer 't könnt vun Herzen.

#### 6. Szén Cheftaine, Margritt (mat engem Kuref)

Margritt: E schen'e Gro'ss vu menger Méschtesch, der Mme. Grosber!

Cheftaine: Merci! A we' gét et dem Milly? Nach ömmer net besser?

Margritt: Gott sei Dank!, seit geschter ass d'Gefohr erlanscht. Den Dokter mengt an 2-3 Wochen könnt et erem an d'Scho'l gogn.

Cheft: De' arm Mamm. Wät muss se an déne léschten Dég ausgestanen hun?

Margritt: Jo, 't war en traurege Chröschttdäg! fir eis all. D'Mme. ass kén ableck vun Krankebett gewach. - an den Dokter huet och eso' we'hég Hoffnong gemacht. - Ganz sélen huet hatt d'Leit am Zömmmer ekannt, vun elauter Fe'wer. - D'Krisis ass ewell Gott sei Dank erlanscht, d'Fe'wer ass gefall. D'Milly ass wuel nach ganz schwäch, mä hatt huet awer gleich gefrôt, we' ni d'Chröschtkündchen da bei hatt ke'm. - Meng Madame huet dù gleich e Bémchen an d'Krankenzömmmer bringe gelöss. - We' hun dem Kand seng Aen, geblenkt we' et de Bäm an de' sche'n Geschenker gesin huet! - Dù awer, we' et sech sät gosin hât, huet et gefrôt ob seng Komerodien, a besonesch d'Nelly Nehring, och eppes vun Chröschtkündchen

kritt hätten. Meng Madame huet et schmerzlech empfond, datt sie an der Oprégomg vun déne léschten Dégen, de' arm Familje vergiëss hât. Sie scheckt mech, iéich de' Sâchen hei fir d'Nelly ze brengen. (Allerhand) - De Recht soll bei d'Mme. Nehring hém droen. Meng Méschtesch wöllt och surgen, datt de' arm Leit an Zukunft kräfteg z' iéssen hun. An, wann d'Mme. Nehring erem gesond ass, wöllt sie hir genug Arbecht gin, datt sie net me' länger brauch Honger ze leiden. Cheft (gere'ert): Er Méschtesch huet e wonnerbart Hèrz. (anerem To'n) Lösst nômme gleich alles hei. Ech gin dem Nelly et mat. Margritt: We' dir wöllt. - Meng Méschtesch huet dach bestômmt neischt derge'nt.

Cheft: Oh, ech denken dach net.

Margritt (pâkt aus): Hei ass en decke Poulet, e pur gudd Fläsche Wein fir de' Krank, Maggi, Miél an Eer. Fir d'Kanner: Kléder, Spillsâchen an Naschereien.

Cheft (stellt alles op den Dösch): De' krank "amm wèrdt haut kreische vu Fréd. - Dem Nelly sei Léd get zum Gleck! - Sôt èrer Madame villmols merci, am Nummvun der armer Mama. - an ech ke'm haut nach sèlwer no'm Milly kucken.

Margritt: Ech wèrdt d'Commissio'n ausrichten. (of)

7. Szén Cheftaine eleng

Cheft: (mecht Ordnong an de Geschenker): Oh! 't get dach nach gutt, matlédeg Leit op der Welt! - Nelly, du dârf's dech net me' beklôen. Iwer d'Vergösserlecht Chröschtköndchen... Wât et un dir gefehlt hât huet et iwerreich gutt gemächt.

8. Szén Cheftaine, C.P.

C.P. (kônn't mat engem reich-geröschte Bémchen eran): Hei brengen ech de Bém. - D'Kanner sin nach am Haff, sie hu mech net gesin. (stellt en op den Dösch): Dach, wât hèscht dât do? Wién huet all de' sche'n Sâche bruecht?

Cheft: Gelt, do stauns de, Médchen? - D'Mme. Grosber, der hirt Milly ewell ausser Gefohr ass, huet sech un de' arm erönnert.

C.P.: Da kônn't é jo gleich Beschehrong feiern.

Cheft: Dât wöll ech och. (Fänkt d'Kerzen vum Bém un. - 't he'ert én d'Kanner virun der Dir) O, mei, d'Nelly kônn't am Enn nach ze fre'h!

C.P.: Ech gin an hâlen se zreck bis alles fèrdeg ass.

Cheft: Jo, mâch dât. De' áner Kanner kônnen erakommen, awer d'Nelly hât zreck. - Mir sangen dann e Chröschtlidd, an iwer dem Lidd bruing du d'Nelly eran.

C.P.: Jo, eso' get et sche'n! (of)

9. Szén All ohne Nelly an C.P.

Cheft (ass mat der Virberédong vun der Beschehrong beschäftegt. d'Kanner komme gleich eran, énzeln, an och a Gruppen. Sie gin hirem Erstaunen Ausdruck durch entspriéchend Gesten,)

Lisy (entzeckt): O we' sche'n!

Yvonne (dât no him erakônn't): Wât gesin ech? D'Chröschtköndchen war hei während mir gespilt hun. (D'Kanner, de' iwerdém all erakomm sin, stin em de Bémchen)

Cheft (lächelt): Ewell huet dir wuel genug gekuckt. Da gitt elo op èr Plätzen. ('t geschitt zögernd)

M. Jeanne: Dât si jo herrlech Sâchen - Wién huet se da bruecht?

Martchen (Wichtig): Ei, we' s du eso' domm free kanns! Wién dann ánescht we' d'Chröschtköndchen.

M. Louise: Ech wés och fir wién se sin.

Anny: Dât ass awer och schwe'er ze errôden.

Berthy: Endlech huet d'Chröschtköndchen och un d'Nelly geduecht.

Cheft: Jo, dir huet recht. D'Himmelskand war ganz ontreschtlech, we'et gemirkt huet, datt et d'Nelly vergiëss hât. Durfir huet et mech be obtragt, dem braven a fleissegen Wichtelchen de' Geschenker hei, an sengem Numm ze gin. Fir d'Feier nach me' sche'n ze mâchen, san mir elo dât sche'nt Chröschtlidd:-- (irgend ént)

All (sangen)

10. Szén All

(Scho gleich zu Ufank vum Lidd fe'ert d'C.P. d'Nelly eran. Dât sté bewonnert a spracjlos op de Bémchen)

Cheft: (Kônn't no'm Lidd bei d'Nelly, le'f): Komm dach me' noh, mei Kand! Kuck, d'Chröschtköndchen, dât all Johr em döss Zeit op d'Welt kônn't huet och dech net vergiëss. 't kônn't wuel döss Johr e we'neg me' spe't, mâ durfir brengt et dir och villeg me' sche'n Sâchen.

(Fe'ert et me' no)

Nelly (ganz verwirrt) ass dé Bémchen wirklech fir mech?

Cheft (weist op d'Geschenker): an och de' sche'n Sâchen hei. Dât hei ass

fir deng Mamma a fir deng Geschwöster.  
Nelly(iwerwältet):Merci!Dausendmol Merci!(senkt an d'Armen vun der Cheftaine)  
Cheftaine(gere'ert)Net mir muss de Merci soen,mei Kand,mä dem Chröschtköndchen,dät Matléd hát mat denger No't.  
Nelly(fält stomm d'Hänn a bleckt no uewen)  
M.Jeanne:Watt wèrdten dem Nelly seng Mamm a seng Geschwöster fir eng Fréd hun!  
Cheft:Wa mir fèrdeg sin,därfe e Pur Wichtelcher,dem Nelly hëllef en d'Sächen hém droen.  
E Pur:Ech! Ech!  
De' Aner:Mir ge'ffe gèr all matgoen.  
Berthy:Ech droen de Bémchen!  
Cheftaine:Dén ass dir ze schwe'er,mei Kand,d'Yvonne soll'en droen,dät ass dät Gre'sst vun iéch.(Yvonne wenkt"Jo" ma'm Kapp)  
E Pur:Därfe mir neischt ze droen?  
Cheft:Jidderént kritt e Päckelchen!  
Anny(seufzt):Ei,... Cheftaine,mir könnte jo gleich goen!  
C.P.:Ech mengen 't wir haut dach net me' vill mat de Kanner ze mâchen. D'ganz Ronde ass a frédeger Oprégong,'t geseit én un de Gesichter datt sie dem Nelly seng Fréd materliéwen.  
Cheftaine:Ech mengen och alt,mir sollte fir haut Schluss mâchen. Ech sin iwerzégt datt eis Versammlung vun haut net emsoss war.  
C.P.:Dät wöll ech mengen.D'Kanner hun ganz konkret gesin,we'vill Gleck a Segen eng gutt,le'f Hand stöfte kann.  
Cheftaine:An dät prägt sech dem Kannergemitt vill besser an,we' dausend gudd Le'eren an Ermahnongen.- Dach e'er mir elo hém gin,sange mir nach dät sche'nt Lidd,dät mir an der lèschter Versammlung gele'ert hun:(Weis:Menschen die ihr wart verloren)  
all:Sangen:  
Mönschen,de' dir wart verluren,  
Liéwt rem op,sit he'cherfrét!  
Iéch ass d'Gotteskand geburen,  
Haut hölt hién èrt Mönschekléd.  
Löst eis durfir nidderfälen,  
Him soll all eist Luew erschälen.  
Gloria! Gloria in excelsis Deo!

Vorhang.

28.9.53  
HR.

Preis vun enger Roll= 5 frs.  
11 Rollen an emol Opfe'erongsrecht= 60 frs.

Ofschreiw en a Weiderverle'hnen ass verbueden!!!

P.S.Mat Aemnerong vun e Pur Wirder kann dät Steckelchen hei mat irgend enger Grupp vu Kanner gespilt gin.